

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Landwirtschaftsminister an den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Säit dem Hierscht d'lescht Joer gouf den HORECA-Secteur ëmmer méi strenge COVID-Moosnamen ausgesat, wat zu engem staarke Réckgang vun de Clienten an och der Ofso vu villen Evenementer, zum Beispill Familjen- a Betrëbsfeiere gefouert huet. Dës Ëmstellung sinn zäitlech enk mat der Juegdsaison zesumme gefall. Traditionell gëtt dat Wëld, dat während dem Hierscht an dem Wanter zu Lëtzebuerg geschoss gëtt, och vill an der HORECA verschafft.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen, ob d'Juegdquote fir d'Saison 2021/22 bis ewell konnten erfëllt ginn?
- 2) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi fir den Zäitraum vun de Joren 2013 bis 2021 regruppéiert, wéi vill iessbar Wëld all Joers ausgedréckt a Kilogramm insgesamt geschoss gouf, op wéi eng Kategorie vun Déieren et sech verdeelt huet a wéi vill dovun un d'HORECA an un aner Betriber aus dem Liewensmëttelberäich (Catering, Supermarchéen asw.) weider verkaf gouf a wéi een Undeel all Joers huet missen zerstéiert ginn, well e Mangels Nofro net konnt um Maart ofgesat ginn?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen, op iessbar Wëld dat zu Lëtzebuerg geschoss gouf, während de Joren 2013 bis 2021 och exportéiert gouf? Falls jo, kann d'Regierung déi genee Quantitéite verdeelt no Joren an op déi eenzel Déierenzorte matdeelen? Kann d'Regierung gegebenefalls matdeelen ob a wéi d'COVID-Moosnamen am HORECA-Secteur sech op dës Zuelen ausgewierkt hunn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten